



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet den Ausseminister, den Här Jean Asselborn, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Jo, ech mengen, ech wëll och dem Här Cruchten Merci soe fir déi Aarbecht, déi en an der Kommissioun gemaach huet.

Jiddwereen, deen hei geschwat huet, huet och iwwert d'Mënscherechter geschwat selbstverständlech.

A Kasachstan ass eng Decisioun an deene leschten Deeg geholl ginn, fir d'kyrillesch Schrëft bis d'Joer 2022 ze ersetzen duerch eist Alphabet, wat eng immens Erausforderung ass, wat awer och ee politesch Signal ass, wat ee méi dacks schonn elo gesäit an där Regioun, an ech hoffen, dass dat och mat an déi richteg Richtung geet.

Zu deem, wat den Här Kartheiser gesot huet: Also Dir kritt vun eis alles, wat mer hunn. A wa mer net alles hunn, da froe mer alles. Ech hu kee Problem, dass dee ganzen Accord, net nëmmen déi Partie dann, déi déi national Parlamenter solle ratifizéieren, mä och d'Partie européenne, virgeluecht gëtt. Also do gesinn ech keng Schwierigkeete vu menger Säit, fir lech dat alles ze ginn.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Kooperationsaccord mat Kasachstan iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7096 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Voilà! Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen, an d'Ofstëmmung ass schonn eriwwer. Unanimitéit, de Projet de loi 7096 ass ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da brauch ech wuel net d'Fro vun der Dispens ze stellen, déi kann ech als acquis ugesinn.

(Assentiment)

Merci.

Nächste Projet ass de Projet de loi 7141. D'Madamm Rapporteur steet scho prett. D'Claudia Dall'Agnol wäert eis och da soen, ëm wat et genee geet.

7. 7141 - Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux de coopération transfrontalière et interterritoriale, faite à La Haye, le 20 février 2014

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dat hunn ech staark wëlles.

Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, de President sot et, d'Nummer vun dësem Projet de loi, den 7141 ass dat, deen huet zwar nëmmen een Artikel, mä deen een Artikel, deen huet et a sech. An zwar heesche mer mat dësem Projet de loi - wa mer en dann haut stëmmen, wouvunner ech ausginn, well mir hu jo haut scho méi kontrovers Projet-de-loien hei gestëmmt - deen neie Benelux-Accord gutt, deen déi grenziwwer-

schreidend an déi interterritorial Zesummenaarbecht méi, oder besser gesot nach méi einfach soll maachen.

Ënnerschriww gouf dësen Accord den 20. Februar 2014 zu Den Haag an Holland, an zwar vu folgende Vertragspartner: natierlech der Lëtzebuurger Regierung, soss stéing ech elo net hei, der hollännescher Regierung. Bei eise belschen Nopere waren dat e puer méi Signataire, an zwar:

- natierlech och hir federal Regierung;

- dann awer och nach d'flammännesch Regierung;

- d'wallounesch Regierung, d'Regierung vun der Communauté française, déi vun der däitschsproocheger Communautéit. Dir gesitt, mir hunn et gutt, mir hunn nëmmen eng Regierung;

- an zu gudder Lescht och nach d'Regierung vun der Région Bruxelles-Capitale.

Wat gouf elo mat dëse villen Ënnerschreften also guttgeheescht? A wéisou war iwwerhaupt en neie Vertrag néideg? Alles dat probéieren ech lech elo kuerz, well mir sinn haut scho laang amgaangen, awer verständlech ze erklären, ouni awer wéi ëmmer op all Detail anzegoen, well Dir fannt natierlech alles a mengem schrëftleche Rapport erëm an natierlech och an der Konventioun selwer, déi beim Projet de loi derbäi war.

Dir wësst, datt d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht an de leschte Jorzéngten ëmmer méi staark ginn ass. Dës Evolutioun huet ugefaangen, nodeems den 21. Mee 1980 schonns zu Madrid eng Convention-cadre ënnerschriww gouf, déi dës grenziwwerschreidend an och interterritorial Zesummenaarbecht sollt regelen.

Schnell hunn awer d'Benelux-Länner gesinn, datt dës Konventioun net géif duergoen, fir deene spezifesch Besoine vun de Gemengen an och de Provënze gerecht ze ginn, fir ouni d'Interventioun vun der Autorité centrale kënnen ze kooperéieren. Dofir hu se dunn den 12. September 1986 eng éischt Konventioun ënnerschriwwen, déi dunn den 1. Abrëll - dat ass keen Abrëllsgeck - 1991 a Kraaft getrueden ass. An deemools sinn d'Benelux-Länner also schonns méi wäit gaange wéi déi europäesch Reglementatioun.

Déi nei Konventioun innovéiert elo, mä se verstärkt och déi vun 1986, virun allem mat neien Zesummenaarbechtskeetsméiglechkeeten. Dës Instrumenter suergen derfir, datt d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbechte méi flexibel a méi adaptéiert fir d'Realiteiten um Terrain sinn, mä virun allem och méi no beim Bierger.

Duerch dës nei Konventioun kënnen zum Beispill grenziwwerschreidend Projet-piloté realiséiert ginn, déi en Transfer vu Kompetenzen néideg maachen. Natierlech gouf d'Rad net nei erfondt, well all d'Points forts aus där aler Konventioun bleiwe bestoen. Et kommen ebe just neier derbäi.

Wat och nach ze bemierken ass, dat wär, datt dës Konventioun sech net nëmmen dorops beschränkt, datt d'Benelux-Länner kënnen zesummeschaffen, mä laut Artikel 27 vun dësem neie Vertrag kënnen och Däitschland, Frankräich a Groussbritannien matschaffen.

Zu deem Punkt hate mer an der Kommissioun och d'Fro gestallt, ob de Brexit eng Auswirkung op d'Mataarbecht vu Groussbritannien an esou enger grenziwwerschreidender Kooperatioun kéint hunn. Den Artikel selwer vun der Konventioun bleift natierlech a Kraaft, mä ob Groussbritannien schlussendlech effektiv vun esou enger Kooperatioun wäert kënnen profitéieren, hänkt natierlech vun de konkrete Bestëmmungen of, déi da wäerte gëllen. Dat wësse mer allerdéngs um Dag vun haut nach net.

Eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, huet dëse Projet de loi, mat deem mer dësen neie Vertrag dann elo gläich wäerte guttheesche kënnen, iwwregens den 22. Mee d'lescht Joer schonns deposéiert. De Statsrot huet säin Avis dozou de 24. Oktober 2017 ginn.

A mir hunn de Projet de loi genausou wéi hiren Avis an eiser Reunión vun der aussepolitescher Kommissioun den 13. November analyséiert an natierlech och diskutéiert. Doropshin huet meng Aarbecht eréischt esou richteg ugefaangen. A mäi schrëftleche Rapport gouf dunn den 8. Januar dëst Joer an der aussepolitescher Kommissioun zum Vott gestallt, wou en och ugeholl gouf. An haut kënnen mer dann, wann d'Chamber d'accord ass, dëse Projet de loi elo stëmmen.

Ech soen lech elo emol scho Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn dann och direkt d'Zoustëmmung vun der Sozialistescher Partei zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Wuert huet dann den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).**- Merci, Här President. Merci och der Madamm Rapportrice fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee se hei virgeluecht huet. En effet, si huet alles gesot. Ech kann näischt bäiflécken. An ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätze jo haut zweemol iwwert de Benelux. De Benelux, wat jo ouni Zweifel eng gewësse Success Story ass. Ech fannen, déi Konventioun, déi mer elo haut hei stëmmen, huet eng ganz grouss Wichtigkeet: déi Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen an deenen dräi Länner, awer och mat de Regiounen.

Ech wollt just nach kuerz op ee Punkt zrëckkommen. Dat ass eng Remark, déi de Statsrot gemaach huet, an zwar wou e gesot huet, wann et ëm e GBCT hei zu Lëtzebuerg geet, da wier u sech keng Tutelle do. Dat ass e juristeschen Aspekt. Ech weess net, ob mer dat nach mussen eng Kéier méi verdéiwen. Jiddefalls wier et awer net schlecht, wann ee sech eng Kéier géif doriwwer nach méi Gedanke maachen.

Onofhängeg dovunner ass dat hei awer eng gutt Konventioun. Et ass e gudder Projet de loi. Ech soen dem Claudia Dall'Agnol Merci fir säi Rapport a bréngen dann och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech soen der Madamm Dall'Agnol Merci fir hire Rapport. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. Villmools Merci, Här President. Och e grouse Merci fir de Rapport, dee mer héieren hunn.

Ech wollt just ganz kuerz dräi Punkten ernimmen.

Deen éischten ass: Mir hu mat Däitschland a Frankräich, wat jo fir eis als Lëtzebuerg besonnesch wichteg ass, elo nach net déi rechtlech Basis, fir kënnen esou eng Kooperatioun unzeefänken, ebe just am Kader vun dësem Accord mat der Belsch. Et wier also wichteg gewiescht, datt mer do am Virfeld och Aarbechte gelescht hätten. Op jidde Fall ass et wichteg, datt mer mat deene Länner séier zu engem Ofschluss kommen.

Dat Zweet ass: Wann esou Gemengen oder territorial Entitéite mat Nopeschregiounen Accorden ofschléissen, da muss och ëmmer gekuckt ginn, ob déi Accorden am gesamtstaatlechen Interessi leien. Mir maachen dat jo och mat Firmen. Mir hunn zum Beispill eng Präsenz vun Ministère - vun Ärem Ministère, Här Minister - bei Fime wéi der SEO zum Beispill, déi jo och a Frankräich oder an Däitschland ekonomesch Exploitatiounen hunn.

Dat misst och bei de Gemenge garantéiert sinn. Dat heescht, et wär gutt, wann den Ausseministère speziell och géif déi Aktivitéite vun deene Gemenge suivéieren, fir ze kucken, ob de staatlechen Interessi net ka beréiert ginn. A wann, wat ee ka maachen, fir ze ënnerstëtzen oder ze guidéieren; wat ebe grad néideg ass.

An déi drëtt Bemierkung; do géif ech och den Här Graas ënnerstëtzen. Ech mengen, dat ass eng Saach vun der Virbereedung vun engem Gesetz, wann de Statsrot eis suggeréiert, datt mer mussen en Dispositif législatif hei hunn, fir dat kënnen rechtlech ze encadréieren, wat hei an der Konventioun virgesinn ass. Do kéint ee souguer soen: Dat hätt kënnen zäitgläich gemaach ginn oder souguer am Viraus, fir datt déi Konventioun och ka raisonnablement verantwortungsvoll implementéiert ginn. Dat ass elo nach net de Fall.

Ech géif also gär den Accord hei vun der ADR ginn, allerdéngs géife mer lech, Här Minister, och mat op de Wee ginn, datt mer dat och an deene Punkten, wou mer nach rechtlech Begleedungsmoosname mussen hunn, fir dat hei ëmzesetzen, sollte kuerzfristeg maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet den Ausseminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Jo. Här President, och villmools Merci der Madamm Dall'Agnol fir hir Aarbecht. An ech si mat allem d'accord, wat hei gesot ginn ass. An da ginn ech och den Accord vun der Regierung.

Merci.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci gesot. An da stëmme mer iwwert de Projet de loi 7141 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7141 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Da gi mer no der Verkündung vum Vott, dee mat 60 Jo-Stëmmen unanime ass,...

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

...wou mer jo dann d'Dispens och ufroen an, mengen ech, kréien... Ass dat de Fall?

(Assentiment)

Merci.

Da gi mer zum nächste Projet iwwer. Dat ass de Projet de loi 7148. An d'Madamm Rapportrice ass prett.

8. 7148 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas concernant l'Assemblée interparlementaire Benelux, fait à Bruxelles le 20 janvier 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Jo, Här President. Ech si prett. Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, Dir sidd och prett. Dofir probéieren ech, et och hei kuerz ze maachen. Mir bleiwen, wéi Der wësst, beim Benelux mam 7148. An och dëse Projet de loi huet nëmmen een Artikel. Mir heeschen domadder d'Konventioun tëschent Lëtzebuerg, der Belsch an Holland gutt, déi d'Assemblée parlementaire (veuillez lire: interparlementaire) vun Benelux concernéiert an déi den 20. Januar 2015 zu Den Haag, erëm eng Kéier, an Holland ënnerschriww gouf.

Wann ech vun der Assemblée interparlementaire schwätzen, dann huet heibanne jiddweree verstanen, datt et sech ëm d'Benelux-Parlament dréit, an deem ech selwer d'Chance hunn, niewent villen anere Kollegen, als e Membre suppléant matzeschaffen.

Dat éischt Gremium, wou interparlementaire zesummege schafft gouf am Benelux-Kader, kouw no der Ënnerschreift vun enger Konventioun de 5. November 1955 zu Bréissel zustanen. An zwar hat et den Numm Conseil interparlementaire consultatif de Benelux.

Dëst Gremium hat als Optrag, ze diskutéieren an och Recommendationen erauszeginn un



d'Regierung vum eben deenen dräi Benelux-Länner betreffend eng ekonomesch Unioun tëschent de Benelux-Länner, de kulturelle Rapportement, d'Zesummenaarbecht och op aussepolitischen Themen an och, wat d'Gesetz ubelaangt, fir déi méi eenheetlech ze maachen an eisen dräi Länner. A wann déi dräi Regierungen d'accord waren, konnte se och aner Theme behandelen, déi vu gemeinschaftlechem Interessi waren.

E bësse méi wéi zwee Joer no der Konventioun vun 1955 gouf, erëm eng Keier zu Den Haag, nach eng Konventioun ënnerschriwwen; den 3. Februar 1958. An hei goung et ëm eng ekonomesch Benelux-Unioun. Duerch dëse Vertrag gouf d'Benelux-Parlament, nieft dem Comité des ministres, eent vun deene Gremie vun der ekonomescher Benelux-Unioun.

2008 gouf dee Vertrag iwwerschaafft. An do duerch gouf de Rôle vum Benelux-Parlament bäibehalen, ouni un d'Detailer, déi 1955 agefouert goufen, rüttelen ze goen. Dat heescht, wat d'Zesummestellung, d'Befugnisser oder och wat d'Aarbechtsweis ubelaangt, gouf hei näischt geännert.

Datt et awer héich Zäit gouf, datt d'Konventioun iwwerschaafft gouf, weist zum Beispill d'Beispill vun der Belsch. Am Benelux-Parlament, do souze schonns jorelaang och Membere vun de Regionalparlamenten, déi awer an der ursprénglecher Konventioun iwwerhaapt guer net virgesi waren. Eigentlech souzen déi Kollegeinnen a Kollegen also ouni rechtlech Basis do. Dat als e klengt Beispill nëmmen, datt zënter 1955 vill Waasser d'Musel erfogelaf war an et also héich Zäit war, fir en neien, zäitgeméisse Vertrag fir de Benelux auszeschaffen.

Den 20. Januar 2015 gouf dunn also deen neie Vertrag, dee mir mat dësem Projet de loi dann elo herno solle guttheeschen, ënnerschriwwen. An domat gouf dann och endlech deen Numm „Benelux-Parlament“ - dee mir heibanne schonns jorelaang gebrauchen an déi aner zwee Länner iwwregens och - festgeschriwwen, an zwar ënnert der Bezeichnung „Assemblée parlementaire (veuillez lire: interparlementaire) Benelux“.

Dee Vertrag trëtt a Kraaft, wann déi dräi Länner souwéi d'Regionalparlamenten an der Belsch en all guttgeheescht hunn. A soubal en a Kraaft ass, ass deen ale Vertrag vun 1955 dann natierlech och hifälleg.

An Zukunft kann d'Benelux-Parlament dann och weider Felder besetzen, wéi zum Beispill d'grenzüwwerschreidend Zesummenaarbecht op allen Niveaue: den Développement durable, d'Kooperatioun bei innepoliteschen Ugeleeënheeten an der Justiz, d'Kooperatioun mat anere Länner; fir der hei elo nëmmen e puer ze nennen.

D'Benelux-Parlament kann zu deene Sujete Recommendationen erausginn un de Benelux-Comité des ministres oder un d'Regierung vun deenen dräi Länner. Se kënnen och schréfflech un de Comité des ministres eruntrieden, natierlech och un d'Regierungen, fir Froen, déi si interresséieren, beäntwert ze kréien.

Wann zwee Drëttel vun de Memberen d'accord sinn, da kann d'Parlament och aner Sujeten, déi net explizit an der Konventioun sinn, behandelen. A wat nach nei ass, ass, datt d'Secrétariat général vun elo un de Rapport annuel erausgëtt, datt si och fir d'Koordinatioun tëschent dem Parlament an dem Comité des ministres zoustänneg sinn.

Ausserdeem si vun elo un d'Reuniounen am Prinzip och public, ausser natierlech wann de President oder néng Memberen de Konträr géife froen. Och gi vun elo un d'Decisiounen mat einfacher Majoritéit geholl. An d'Mandat vum President an dem Vizepräsident ass vun elo un op zwee Joer limitéiert.

Voilà! Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech hu gesot, ech géif mech kuerzfaassen. Fir déi, déi am Benelux-Parlament setzen oder souzen, ass dës Konventioun souwisou näischt Neies, mä se ass awer fir eis alleguer ganz wichteg, fir datt mer weider kënnen effikass an nach besser wéi bis elo zesummeschaffen.

Den Ausseminister huet dofir och dëse Projet de loi de 6. Juni d'lescht Joer deposéiert. A mir hunn an eiser Reunioun vun der aussepolitescher Kommissioun den 13. November 2017 souwuel iwwert de Projet de loi diskutéiert wéi och iwwert dem Conseil d'État säin Avis vum 10. Oktober d'lescht Joer dozou. Duerno gouf dann, wéi gewinnt, e schréffleche Rapport presentéiert; den 8. Januar war dat. Dee gouf och ugehall.

An am Numm vu menger Fraktioun ginn ech dann och elo den Accord zu dësem Projet de

loi. An ech hoffen natierlech, datt déi aner Fraktiounen sech wäerten alleguer uschlëssen. Dëst am Sënn, datt Benelux nach besser an nach méi effikass wéi bis elo wäert kënnen fonctionnéieren an datt mer alleguer zesumme wäerten eppes an deem Sënn bewegen.

An ech soen lech da Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet erëm den Här Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. Madamm Rapportrice, Merci och dës Keier ëmmer eng Keier fir de Mëndlechen a Schrëftlechen.

Dir hutt eng Keier ganz exemplaresch hei d'Geschicht noentwéckelt, iwwer bal 60 Joer, vun eise Benelux-Parlament. Dir hutt vläicht ee Punkt vergiess gehat, deen ech gären héieren hätt: déi Liichttuermfunktoun, déi mir do dauernd ronderëmreechen. Dat ass ganz flott. Mir wierke ganz staark. An et ass souguer esou staark, dass wierklech déi an dem baltesche Raum quasiment eis Kooperatioun iwwerholl hunn an hirer Baltic Assembly a se bal no eise System hei fonctionnéiere loosse.

Trotzdem, dat gesot, den Accord vun der CSV-Fraktioun. A Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Marcel Oberweis elo richteg gesot huet, vu datt ech och Member vum Benelux-Parlament sinn, kann ech ganz gutt feststellen, datt dat Parlament sech an deenen, jo, leschte Jore ganz gutt entwéckelt huet. An et si virun allem déi international Relatiounen, déi eben elo ëmmer méi eng grouss Dimensioun kréien, virun allem mat de baltesche Staten. Doriwwer eraus si sech och schonn Iddie gemaach ginn, wéi een dann nach kéint d'Benelux-Iddien nach méi no bausse siichtbar maachen.

Ech fannen et gutt, datt hei elo eng nei Konventioun gemaach ginn ass, en neit Gesetz, wéi u sech da sollt d'Assemblée an Zukunft fonctionnéieren. Ech mengen, dat mannst, wat ee ka soen, ass, datt mir als Lëtzeburger do ganz aktiv sinn. Mir sinn och frou, datt d'Hollänner, déi jo d'Entwécklung elo virun zwee, dräi Joer do e bësse méi reservéiert gesinn hatten, sech awer elo erëm méi zum Benelux-Parlament bekennen.

Hei ass duerfir fir dat Parlament, fir déi „Assemblée parlementaire“ (veuillez lire: „Assemblée interparlementaire“) - fir et emol richtig ze soen -, e wichteg Gesetz. Ech soen der Madamm Dall'Agnol och nach Merci fir hire Rapport a brénge selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Wa mer kee Benelux-Parlament hätten, da misste mer eent schafen. Mir hunn ee Benelux-Parlament. Da si mer frou, datt mer elo hei e Gesetz hunn, mat deem mer e bësse renovéieren, reforméieren, fir datt déi Aarbecht nach besser gëtt - et kann ee sech ëmmer verbessern - an datt mer nach méi Afloss kréie mat deem Parlament an och méi wéi scho bis elo no bausse nach kënnen weisen, wéi eng gutt Aarbecht datt do gemaach gëtt.

A selbstverständlech bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. Wëllt soss kee méi d'Wuert?

(Négation)

Okay. Dann huet den Här Minister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - D'Regierung bedankt sech bei der Madamm Dall'Agnol a bei der Chamber.

Merci.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. A mir bedanken eis beim Här Minister a ginn direkt zum Vott iwwert de Projet 7148 iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7148 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol Jo.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'accord mat der Dispens?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum leschte Projet fir den Owend iwwergoen. Dat ass de Projet 7159, den Accord tëschent der EU a Kuba. An eise Rapporteur, den Här Marc Angel, ass prett.

9. 7159 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Cuba, d'autre part, fait à Bruxelles, le 12 décembre 2016

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et ass also, wéi Der gesot hutt, en Accord iwwert de politeschen Dialog an d'Zesummenaarbecht mat Kuba. An ech wollt awer drun erënneren, dass während 30 Joer, vun 1986 bis 2007 (veuillez lire: 2016), d'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun a Kuba duerch eng sougenannt „Position commune“ geregelt goufen, déi all wirtschaftlech a politesch Zesummenaarbecht un demokratesch Fortschréttler a Kuba gebonnen hat an de facto derzou gefouert huet, dass et quasi keng Kooperatioun gouf.

Nodeems dunn 2008 de Pouvoir a Kuba vum Fidel Castro op de Raúl Castro iwwergaangen ass, ass eng politesch Ouverture signaliséiert ginn. An d'EU huet dunn decidéiert, dee politeschen Dialog mam Land erëm opzehuelen.

Vun 2014 bis 2016 gouf un dësem Ofkomme geschafft, fir eben deem politeschen a wirtschaftlechen Dialog an där Kooperatioun e juristesche Kader ze ginn. Kuba war iwwregens dat lescht Land an där Regioun, mat deem d'EU nach keen esou en Accord hat. An duerch d'Signature vun deem Accord ass och déi Position commune natierlech ofgeschaaft ginn.

Dësen Accord mécht de Wee op, éischstens, fir wirtschaftlech a sozial Moderniséierungen a Kuba ze ënnerstëtzen, zweetens, fir eng nohaltig Entwécklung, drëtzens, fir d'Demokratie an d'Mënscherechter ze fërderen an, véiertens, mécht dësen Accord de Wee op, fir gemeinsam Léisunge bei grouss globalen Erausforderungen ze fannen.

Den Accord erlaabt et der EU, sech aktiv fir d'Mënscherechter an demokratesch a rechtsstaatlech Prinzipien a Kuba anzesetzen, dat am Kader vun engem institutionaliséierten Dialog. Dat sinn déi Deeler 2 an 3, wou dat ganz am Detail festgehalen ass, a wou een iwwregens och vun deene Gesprécher a Publikatiounen vum Europaparlament an och vun der Europäescher Kommissioun noliere kann, wat do geschwat ginn ass.

Eng Clause vum Accord erlaabt et och, am Fall, wou et zu enger Détérioration massive, wéi et am Text steet, vun der Situatioun vun de Mënscherechter kéim, dass deen Accord och suspendéiert ka ginn.

Am véierten Deel vum Accord geet et ëm d'Handelsbeziunge mat Kuba, mat dem Zil, éischstens, den Zougang vu Kuba op de Weltmarché ze erméiglechen, zweetens, fir d'Diversifizéierung vun der kubanescher Ekonomie ze ënnerstëtzen, drëtzens, fir den Handel y compris seng sozial- an ëmweltpolitesch Aspekter als Facteur vun der Entwécklung ze stäerken.

An hei geet et och ëm d'Coopération douanière, technesch Normen a Regelen, Investissementen. An am fënneften Deel geet et ëm déi institutionell Dispositiounen, dee Conseil conjoint um Niveau vun de Ministeren an de Comité mixte um Niveau vun den héije Beamten.

De Statsrot hat kee Problem heimadder. An der Kommissioun hu mer den 13. November dee Projet duerchgehall.

Ech wëll drun erënneren, dass de Volet Handelspolitik eleng ënner EU-Kompetenz ass. An déi aner Voleten, wéi zum Beispill den Dialogue politique, hunn e Caractère mixte. An, den Här Kartheiser huet et gesot, un dësem Projet de loi, souwuel wéi och un deem vu Kasachstan, houg natierlech dee ganzen Accord drun. An en huet am Fong domadder oppen Dieren operass. An och bei Handelsaccorde wéi CETA, ech kann en drun erënneren, beim Handelsaccord mat Südkorea, beim Handelsaccord mat Peru a Kolumbien, dass ëmmer och, dat ware richteg Briquen, dat waren Honnerte vu Säiten, dee ganzen Accord ëmmer am Projet mat dran ass, wann d'Regierung dat hei deposéiert.

D'Europaparlament huet de 5. Juli säin Accord ginn. Sait dem 1. November 2017 ass den Accord och en partie a Kraaft, déi Deeler, fir déi Europa zoustänneg ass. An dat gesot, sinn ech och frou, dass duerch dësen Accord d'Zivillgesellschaft a Kuba gestärkt gëtt, den Droit d'association gestärkt gëtt. Ech mengen, dat si gutt Saachen.

Ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, och hei Merci, Här President. E ganz, ganz grouse Merci un eise Président-rapporteur, deen dat, wéi ëmmer, mat grousssem Brio gemaach huet, souwuel säi mëndleche wéi säi schréffleche Rapport.

Mir bleift eigentlech net vill derbäizesoen. Ausser: Déi Remarken, déi fir Kasachstan richtig sinn, sinn och zu engem Deel fir Kuba richtig. De Marc Angel huet hei vun der Zivillgesellschaft geschwat, déi misst gestärkt ginn. Ech deelen déi Appreciatioun. Och wat d'Meenungsfräiheet a Kuba ubelaangt, sinn nach vill Efforten ze maachen. Mä nach ass dat heiten e ganz, ganz positiven Accord.

Ech bréngen domadder och den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Dir kënn lech vläicht virstellen, datt ech mat grousssem Interêt de Rapport gelies hunn. An ech wëllt och dem Marc Angel Merci soe fir deen interessante Rapport, besonnesch dee schréfflechen.

Mir begrëssen och, datt do eng progressiv Ouverture ass. Sécherlech kann een nach Saache verbessern. Ech mengen, mir sollen allegueren da kucken, wou mer och do kënnen vläicht en Deel derzou bäidroen.

Vläicht eppes, wat iwwert deen Accord hei erausgeet, vläicht zwou méi präzise Froen: Et war och emol an der Diskussioun, datt, ech mengen, méi spezifesch och Lëtzebuerg a Verhandlung wier fir eventuell en Accord de non double imposition respektiv och Fluchrechter, fir datt een do eventuell am Tourismus oder op anere Pläng nach méi eng grouss Zesummenaarbecht kéint maachen. Wann een do kuerz vläicht wëisst, wou déi Diskussioun dru wier.

Mä dat gesot, gi mer natierlech den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Deen Accord hei ass mer awer esou wichteg, datt ech mer wëll e puer Minutten huelen a kuerz eppes dozou soen.

Wat mer haut hei zu Lëtzebuerg ratifizéieren, ass am Fong geholl awer en historesche Moment. En historesche Moment, well, no jorzéngtelaangem wirtschaftlechem Boykott duerch d'USA an awer och duerch d'EU, duerch Europa elo eng éischte Keier e seriösen Handelsaccord tëschent Kuba an der EU zustane komm ass. Natierlech ass deen Accord scho provisoresch zënter November 2017 a Kraaft. Dofir geet de wierklech historesche Moment zréck op den 11. Abrëll 2016, wéi deen Accord zu Havanna ofgeschloss ginn ass.

Kuba läit no bei den USA a wäit vun der EU. An nodeems d'USA a Kuba sech ënnert dem President Obama méi no komm sinn, huet zënter dem President Donald Trump dës Relatioun sech net méi positiv weiderentwéckelt an ass éischter erëm zréckgaangen.